Rabais

Och dëst Joer ware mir den Dag no der Generalversammlung op Rabais an d´Belsch gefuer fir zesumme mat der Méck ze fëschen. Et waren eng fofzéng Méckefëscher vun eisem Club ugetruede fir am schloe Reen ee flotten Dag mat nawell vill gefaange Fësch ze verbréngen. Hunn mir an der Vergaangenheet oft geklot dass et zu Rabais schwéier wär Fësch ze fänken ewell do eng sëlleche Kongkuren am Méckenfësche stattfannen, esou war dat dës Kéier awer net de Fall an d´Fësch hunn trotzt deem schlechte Wieder gebass an et sinn ze guer scho Fësch mat der dréschener Méck gefaange ginn. Och déi eng oder aner scho méi schéi Forell war dës Kéier dobäi wat och net esou heefeg ass zu Rabais.

Mee der Rei no, Moies wéi mir géint néng Auer ukomm sinn do ware schonn ee puer Fëscher vum Club am Gaangen ze fëschen, mee déi Meeschte sinn ëm déi Zäit awer eréischt agetraff wat un sech net verwonnerlech war, hate mir dach eréi ëmmer um Virowend vun der Sortie op Rabais eis Generalversammlung zu Rolleng op de Weieren an do ass et natierlech och eréi ëmmer ee bësse méi spéit ginn. Wei mir bäigefuer si war den Eugéne an de Roger och just ukomm an hate grad ugefaangen hiert Geschir ze preparéieren. Ganz stolz huet den Eugéne seng nei, selwer gebaute Staangen, opgeriicht an natierlech hunn mir bei deier Geleeënheet och dovunner profitéiert fir dem Eugéne seng Staangen an der Praxis ze testen. Seng eege Staang bauen ass och vun dësem Joer aus un eng nei Aktivitéit bei onserem Club déi zum Méckenfëschen gehéiert an déi ee bei eisem Club léiere kann. De Gérard, dee fir sech selwer schonn ee puer Staange gebaut huet, hat sech am Wanter ugebuede fir déi Leit déi un deier Saach interesséiert wäre beim baue vun hirer Staang ze begleeden an esou hunn de Gérard, de Jemp, den Albert an den Eugéne sech während de Wanterméint ee Mol an der Woch getraff fir hir eege Méckenstaangen ze bauen. De Gérard huet sech an deem Kontext och ugebuede fir an Zukunft déi zousätzlech Aktivitéit vun eisem Club iwwer Wanter weider ze féieren.

Nodeems mir eis Staangen opgeriicht haten ass et dunn séier bei d´Waasser gaangen. Ganz erfreet ware mir och dass de Gerd an de Ferdi, zwee vun eisen Memberen aus dem noe Saarland déi scho säit laange Joren zu eisem Veräi gehéieren, mat eis op Rabais gefuer waren. Sie Zwee waren och de ganze Wanter iwwer regelméisseg bei eise Bannowender dobäi an haten och bei schlechtem Wieder déi wäit Urees net gescheit fir ee bëssen ënnert de Kollegen ze sinn.

Leider huet et de ganzen Dag gereent wei mat Eemere mee ewell d´Fësch awer aktiv waren huet dat de Fëscher Näischt ausgemaach villméi waren Dës Alleguerte gutt gelaunt an hunn dem schlechte Wieder getrotzt, déi Eng hunn mam Streamer gefëscht woubäi awer och vill Fëscher schonn op déi dresche Méck gesat hunn an den Albert, nodeems Hien am leschte Joer op dëser Plaz vum Roger gewise kritt hat wéi Nymph a vue gefëscht gëtt, huet op déi Aart a Weis seng Fësch gefaangen.

Natierlech, eméi kéint et och aneschters sinn, huet eise President de Jeek erëm vum Dag profitéiert fir eis ze verwinnen, Hien weess schliisslech wat sech gehéiert. Hien an den Erny hunn eis fir d´Éischt mat pain surprise a Crémant gelackelt, dunn mat waarme Mettwurschten a Wirschtercher ofgefëllt a wei mir dunn schonn net méi japse konnte sinn d´Taarten opgedëscht ginn, duerno ware schonn ee puer Tase Kaffi néideg fir dass dat Ganz sech erëm setze konnt. A wei mir dunn esou gutt gesiedegt do sutzen huet de Jemp zougeschloen, a senger neier Missioun als Caissier huet Hien dee richtege Moment ofgewaart fir d´Suen op ze hiewen, Hien hat nämlech als neie Caissier d´Missioun fir déi25 € fir d´Fëschen op ze hiewen an herno dem Gerant vum Site ze ginn.

Mëttes ass et dunn weider gaangen an d´Fëscher hunn nawell laang duer gehalen, ech fir mäin Deel hat Mëttes erëm déi richteg Method fonnt, konnt ech Moies scho vill Fësch mat der Stylwater Nymp a mam Seal Bugger fänken esou war Mëttes den orange Bloby un der Sinkschnouer, ganz lues era geholl, déi richteg Method. Mee ewéi schonn ernimmt konnten och déi aner Membere schéin a vill Fësch fänken esou dass mir erëm op ee schéine Fëscherdag a beschter Komerodschaft kënnen zeréck blécken an eis elo schonn op den 8. Abrëll freeë wou eis déi nächste Sortie op Socourt féiert. Dëse Site hate mir am leschte Joer schonn erëm an eise Programm agebonnen nodeems mir während laange Joren net méi dohinner gefuer waren an ech menge soen ze kënnen dass Socourt sech als absolut Beräicherung vun eisem Joresprogramm erwisen huet an ech hoffen dass dëst Joer och vill vun eise Memberen sech eis uschléisse wäerten fir dass mir och op dëser Plaz erëm kënnen ee flotte Fëscherdag verbréngen.